Ried Jos Mousel – 20.11.2021

Ech hun emmer Meenung vertrueden, dass een speitestens mat 72 Joer misst sain Hut huelen an deene Jonken Feld iwerloossen.

Ech konnt mer awer nett virstellen, dass wann een da selwer am Fall ass, dass ett engem dann esou schweeir geing falen fir lass ze lossen.

Erlabt mer eiser Präsidentin am Numm vum Ed, vum Alain a vu mir selwer villmols Merci soen fir hier leif Wierder.

Ett kennt een se baal iwerschreiwen matt:

Et wor emol….

Nun ass awer„Et wor emol...“ normalerweis e Satz deen een héiert wann iergendwou e Märchen verzielt get. Oder awer éng Geschicht aus dem richtege Liewen, déi eng Parti Joeren zrécklait.

An oft awer leien Märchen an richtegt Liewen ganz no beienneen.

An wee weess! Vlaicht an e puer Joer, wa se iergendwann deen Xten Anniversaire vun der CMF feieren, vlaicht fénken se dann esou un a soen: „Et wor emol ….. et wor emol éng flott équipe, déi sech während énger langer Zäit mat Geschéck an Erfolleg em eis Confédératioun an hir Virgängefederatiounen gekemmert huet.“ An dann hoffen ech dach ganz stark, dass dann d´ Nimm vun énger ganzer Rei vu Leit déi haut hei am Sall sinn, genannt gin. Vlaicht och esou guer die vun eis drai….

A sollt daat dann de Fall sin, dann hu mir eppes färdeg bruecht, wat am Fong geholl fir jiddereen e Liewensziel sollt sin. Dann hu mir Spueren hannerlooss. Jiddereen op sénger Platz, jiddereen op séng Manéier, mol grouss Spueren, mol méi klénger. Spuren awer, die ett wert sin, dass sie eng Partie Joren iwerdaueren an sichtbar bleiwen

Eist Engagement waat haut hei honnoreiert gett war en Engagement an der Zait an och en Engagement an der Substanz

Desst war awer nemmen méiglech, well an alle Situatiounen all d'Leit an de Comiteen an an den Commissiounen jeweils un engem Strang gezun hun .

An deenen 32 Joer wou ech dobai war waren daat eng Präsidentin, 5 Präsidenten, a ronn 60 Komiteesmemberen, die hir Energie, hiren Asaatz an hirt Fachwessen am Intérêt vum Handwierk investeiert hun an daat nett nemmen an eiser CMF mais och an denen aneren Handwierksorganisatiounen, an der Beruffsausbildung an an allen Organisatiounen die dem Handwierk no stin.

Hinnen Alleguerten e grousse Merci an awer och merci deene 7 haaptamtlech Sekretären die sech iwert die 32 Joer ofgeleisst hun.

A sollt ett an där Zait emol eng Keier mat deem engen oder aneren eng Ménungsverschidenheet gin hun, dann haat daat emmer mat der Saach ze din, nie mat der Persoun, an da war daat emmer seier vergiess an hat greisstendeels esouguer positiv Auswierkungen.Ett ass heiandsdo gudd wann een sech duerch guddgemengte Kritik a Fro ka stellen an am Interesse vun de Saach verschiddenes ännert, wou een vlait selwer guer nett dru geduecht haat.

Ett klengt bal ewei eng Floskel wann ech soen dass deen substanzielle Kado deen dir eis hei iwereecht hutt nett neideg gewiescht wier.

Ett soll awer keng Floskel sin well ett wier wirklech nett neideg gewiescht. Et war aleng schon fier eis e grousse Kado iwert all die Joren mat all deene Leit an eiser Organisatioun zesumme duerfen ze schaffen. Sie waaren eng Beraichung an eisem beruffleche Liewen an sie waaren a bleiwen zum Deel och bis haut nach eng Bereicherung an eisem private Liewen.

Merci fir die gudd Zesummenaarbecht.